

Lëtzebuerg, den 13. Juli 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Op der Léier téscht der Hierheck a Groussbus ass et viru kuerzem zu engem Accident komm, wéi eng Persoun un der Hierheck erfirt koum an eng aner Persoun bei engem Haus eraus gefuer ass. Et gëtt op dësem Lieu-dit effektiv e Problem vu Visibilitéit. D'Situatioun ass esou oniwwersichtlech, datt reegelméisseg do Accidenter geschéien, zemol well sech net ëmmer un déi virgeschriwwe Vitess gehale gëtt.

Zwar huet sech duerch de Radar ënnen ob der Léier d'Situatioun verbessert, ma uewen ob der Kräizung N12-CR345 fir op Dellen gëtt dacks nees op d'Gaspedall gedréckt.

Viru Jore war geplangt ginn fir ob dëser Kräizung déi ganz Situatioun ze änneren bzw. ze verbesseren, mee et ass bis elo nach näischt geschitt. Et wier awer Terrain do fir ze tauschen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:


- Gëtt et méttlerweil eng konkret Léisung fir d'Situatioun op der Léier z'entschäerfen?*
- Wa jo, bis wéini kéint ee Projet ëmgesat sinn? “*

Mat déiwem Respekt,

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu



André BAULER
Deputéierten